PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Energie weiderzeleeden.**

De Professor Phillip Dale huet zesumme mat *Science.lu* d'Fro analyséiert huet, ob Lëtzebuerg kéint säin Energiebedarf zu 100% selwer a klimaneutral hierstellen (https://science.lu/de/science-check-energiewende-erneuerbare-energien/kann-luxemburg-seinen-energiebedarf-zu-100-klimaneutral-selbst-herstellen ). Laut dem Wëssenschaftler ass dat theoretesch méiglech.

2020 huet Lëtzebuerg 7,5% vu sengem Energieverbrauch duerch lokal produzéiert erneierbar Energië konnten decken. Aus der Äntwert vun der parlamentarescher Fro n°5500 ass ervirgaangen, datt 2022 nëmmen op 4% vun de Gebaier vun der Verwaltung fir ëffentlech Baute PV-Anlagen waren.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Prozent vun eisem Energieverbrauch deckt Lëtzebuerg momentan duerch Energieimporter?
2. Wéi vill Gemengen zu Lëtzebuerg sinn energieautark?
   Wéi eng Gemenge sinn dëst?
3. Wéi vill Prozent vun hirem Energieverbrauch kënnen déi eenzel Gemengen mat allem wat un Energie an der jeeweileger Gemeng produzéiert gëtt, decken?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten